



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2021

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit (Artikel 84), bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Minister fir ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Am Kader vun der Demonstratioun géint d'Corona-Moossname vun der Lëtzebuerger Regierung ass et de Samschdeg, 4. Dezember, an der Stad zu Forme vu Protest komm, déi net méi als „friddlech“ kënne bezechent ginn. Ënner anerem hu Randaléierer, deenen hir Originne bis elo net bekannt sinn, een nationaalt Monument entweit.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

Kann den Här Minister preziséieren, ob – am Kader vum geplangte Reamenagement vun der "Place de la Constitution" – d'Monument vun der "Gëlle Fra" baulech revaloriséiert a besser protegéiert wäert ginn? Ass dru geduecht, och an der Suerg ëm d'Dignitéit vum Monument vun der "Gëlle Fra", fir an Zukunft méi selektiv bei deene Manifestatiounen an Evenementer ze sinn, déi op der Place de la Constitution kënnen organiséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten